

APPELLER

fir TV-Konzepter a Formater (Developpement)

Fir verstärkt zesammenzeschaffen an d'Entwécklung vu Serien z'encouragéieren, déi iwwert den nationale Fernseessender gewise ginn, lancéieren de Lëtzebuerger Filmfong an RTL dräi gemeinsam Appeller, déi sech u Produzenten, Realisateuren, Zenaristen an all aner Filmschaffend zu Lëtzebuerg richten.

1. Appell fir eng Fiktiouns-Serie

Dëse Format soll mindestens 6 x 25 Minutte laang sinn. All Genre ass akzeptéiert.

2. Appell fir eng Kannerserie

Dëse Format soll tëscht 3 a 26 Minutte laang sinn. D'Projete kënnen aus dem Beräich vun der Fiktioun, der Animatioun oder dem Documentaire kommen.

3. Appell fir eng Krimi-Serie

Dëse Format soll tëscht 45 a 52 Minutte laang sinn an sech op de Beräich vun der Fiktioun beschränken. D'Thematik vun der Serie ass d'Verbriechen an all senge Facetten. D'Episode sollen allkéiers e Kriminalfall ofschléissen an ofwiesselend vu verschidde Realisateure geschriwwen a realiséiert ginn.

Eligibilitéitscritèren

All d'Projete sollen d'Diversitéit vun der lëtzebuerger Gesellschaft integréieren.

An den Dossiere solle folgend Punkten detailléiert sinn :

- Beschreibung vum Konzept/Format
- Charakterbeschreibungen vun den Haaptpersonagen
- 1 Pilot-Episod als treatment (ca 10 Seiten fir Stonnenformat, ca 5 Seiten fir Formater bis zu 26 Minutte)
- 1 Pilot-Episod als ausgeschafften Zenario (optional)
- Produktiounsopwand
- Virleefege Budget
- Propositioun vun engem Titel.

Delai a Formalitéite fir d'Arechungen

4 Exemplaire vun all Dossier sollen un dës 2 Adresse geschéckt ginn :

Film Fund Luxembourg
Karin Schockweiler
Mentioun "Appel FFL-RTL"
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

RTL Télé Lëtzebuerg
Steve Schmit
Mentioun "Appel FFL-RTL"
43, boulevard Pierre Frieden
L-1543 Luxembourg

Delai fir d'Aschécke vun den Dossieren: 1. Februar 2022